Reporter- & Journalistengruppe: Interview mit Sportlern und Berichterstattung	Kanner an hier Sportverainer	Sportquiz	Sport ronderëm d'Welt
Am Reporterteam mache mir Interviewe mat bekannte lëtzebuerger Sportler a schreiwen Artikele ronderëm d'Thema "Sport" an "Eis semaine d'intégration". De Reporterteam gët a 4 Gruppe vu max. 3 Kanner opgedeelt: 1. Equipp: Interview mam Kevin Haas, Muay Thai Weltmeeschter / 2. Equipp: Interview mam Kim Kirchen / 3. Equipp: Artikel iwwert d'Thema: Sport a Behënnerung / 4. Equipp: Mir dokumentéiren di eenzel Atelier'e vun der Semaine d'intégration an eventuell vum Schoulsportdag.	Du mëss eng aussergewéinlech oder manner aussergewéinlech Sportart? Mëss dai Sport an engem Verain? Handelt sech heibai ëm eng Individuell- oder Equipesportart? Wat sinn d'Spillregelen? Welcht Material brauchs du fir dai Sport ze man? Erziel vun denger Sportart a stell dai Verain vir! Op theatralesch Inszenéierung, op mat Fotoen oder mat engem Plakat, sief kreativ a weis eis wats du kanns!	Ihr seid an Sport interessiert? Habt ihr euch schon immer viele Fragen zum Thema Sport gestellt und wusstet keine Antwort? Ihr wollt einmal mehr über andere Sportarten, Rekorde und etwas speziellere Dinge erfahren? Dann seid ihr hier genau richtig! In diesem Atelier könnt ihr selbst zum Quizmaster werden. Erstellt euer eigenes Sportquiz und lasst andere über eure Fragen nachgrübeln und nach Antworten suchen.	Vun Rugby an Äishockey hues du bestëmmt schon héieren. A villen Länner as Futtball déi beléifsten Sportart. Awer dat as net iwwerall esou. Weess du, wéi een Kabbadi spillt? Wat as Lacrosse? Boßeln? Boule? Hornussen? Kubb? Mir probéiren erauszefannen, wat fir eng interessant Sportarten et op der Welt nach gëtt an huelen eis op engem Dag Zäit fir déi eng oder aner Sportart auszeprobéieren. Wien hätt Loscht, hei matzemaachen?
D'Interviewe mam Kevin Haas a mam Kim Kirchen ginn an den Atelier'e Freides a Méindes virbereet. Mëttwochs den 28.03. kommen di zwee Sportler an d'Schoul fir interviewed ze ginn. D'Interviewe gi gefilmt a spéider op eis Homepage gesaat. Geschafft gët mat Notizblock, Computer, Fotoapparat, Mikro a Kamera.			

Geschicht vun den Olympëschen Spiller	Entwécklung vu 4 Sportarten am Laf vun der Zait	Schoulsportdag-hymne	Konscht: Giacometti-Skulpturen
Du wees bestëmmt waat d'Olympësch Spiller sinn. Awer wees du och wou, wéini a wéi alles ugefaangen huet? Wouhier kënnt de Numm Olympia? Waat ass d'Olympësch Feier? Wéi eng Disziplinnen (Sportarten) goufen et fréier a wéi eng ginn et haut? Sinn et fréier och Medaillen ginn? Mir fannen eraus wéi d'Athleten fréier gekämpft hunn a wéi sech déi Sportarten weider entwéckelt hunn. Mir huelen eis och Zäit fir verschidden Wettbewerber an olympësch Ritualer (Faakellaaf,...) auszeprobéieren an theatralësch duerzestellen.	Du kennst Fußball und Tennis. Aber weißt du wie, wo und vielleicht warum diese Sportarten entstanden sind? Wie wärs mit Capoeira und Jai Alai (Pelota)? Sind dir diese Namen bekannt, weißt du was dahinter steckt? Stelle in diesem Workshop Nachforschungen an über die 2 bestbekannten Sportarten, über die du schon so manches berichten kannst. Wie haben sie sich zu dem entwickelt, was sie heute sind. Was war ihr Erfolgsrezept? Versuche aber auch herauszufinden, was hinter Capoeira und Jai Alai steckt; ihr Ursprung, die Spielregeln,… Entdecke diese 2 eigenartigen Sportarten!	An enger éischter Phase kucke mer eis mol di offiziel olympesch Hymn un (Musek + Text). Duerno lauschteren an analyséiere mer nach e puer aaner offiziell Lidder di fir olympesch Spille komponéiert goufen. Mir kucken em wat di eenzel Texter handelen, welch Elementer eventuell ëmmer remkommen, wat sech mat der Zäit geännert huet, … Op Grond vu desen Erkenntnisser schreiwe mer selwer eng Hymn fir de Schoulsportdag op d'Melodie vum Lidd „Go West" vun de Pet Shop Boys, di dann och um Schoulsportdag soll opgefouert ginn. a) Lauschteren vum Lidd / b) D'Struktur vum Lidd ausschaffen / c) En neien Text op d'Lidd erfannen / d) Üben vum Lidd mam neien Text.	Mir stellen Skulpturen aus Drot a Gips vun olympeschen Athleten hir (z.B. e Speerwerfer, en Hürdeleefer, e Karateka, e Ruderer, e Cycliste asw.). Jiddfereen, dee mattmécht, sicht sech eng Sportaart eraus, déi op den Olympesche Spiller vertrueden ass, a bastelt dozou eng Skulptur. Zum Schluss stelle mir dës kleng Konschtwierker op en hëlze Podium.